ifen

INSTITUT DE FORMATION
DE L'ÉDUCATION NATIONALE

*IFEN Inspire* Podcast

# S3 EP 04: dräi Froen un... (LU)

eduPôle – Walferdange
Route de Diekirch
L-7220 Walferdange
**www.ifen.lu**

<u>Oli Frisch:</u>
*Elo hu mir héieren, wéi dat am Fondamental ofleeft. Als nächst geet et ëm de Secondaire. An eiser Rubrik „Dräi Froen un" stelle mir enger Persoun dräi geziilte Froen zu engem bestëmmten Theema. D'Iddi ass einfach: an e puer Minutte kloer Äntwerten op konkreet Froen ze kréien. Esou kritt dir ee séieren a fundéierten Abléck an d'Siicht vun eisem Gespréichspartner.*
*An dësem Deel hu mir de Privileeg mat dem Alioune Touré, dee sech a sengem Alldag intensiv mat der Chancëgläichheet an der schoulescher Inklusioun beschäftegt ze ënnerhalen. Hien ass deen, deen dofir suergt, datt d'Aménagements raisonnables net just op dem Pabeier stinn, mee och konkreet bei de Schüler ukommen. Wat bedeit Chancëgläichheet a schoulesch Inklusioun aus senger Perspektiv wierklech? Wéi gesäit d'Ëmsetzung am Alldag aus? A wou läit nach Loft no uewen? Mir hunn him dräi Froe gestallt, hei seng Äntwerten.*

*Kanns du ons erzielen, wéis du perséinlech a berufflech mat Situatiounen a Kontakt komm bass, wou Mënschen eng Form vun Nachteilsausgleich oder spezieller Ënnerstëtzung gefrot hunn?*

<u>Alioune Touré:</u>
Jo, mat Schüler a mat Nachteilsausgleich hunn ech schonn d'Erfarung mat mir selwer gemaach. Ech war ganz geplot wärend der ganzer Primärschoul mat den 01 am Diktat. Dat war richteg schwéier, fir ze léieren an fir iwwer meng Schwieregkeete mam Orthophonist ewech ze goen.
An duerno war ech konfrontéiert mat mengem Beruff, fir d'éischt Kéier mat Leit, déi Tennis am Rollstull léiere wollten, an dat war och eng flott Erfarung.
En drëtten Punkt war am Rehazentrum mat Leit, déi ee Liewensaccident oder Autosaccident haten. D'Rehabilitatioun war eng wichteg Prozess, net nëmmen physesch Rehabilitatioun, mee och mat de Psychologen, den Ergotherapeuten, mat Dokteren, mat Kiné. Dat war schéin ze gesinn, wéi d'Leit sech nach eemol vun engem déiwen Tief eropzéie kënnen.
An dee véierte Moment fir mech war de Moment, wou ech am Sportlycée war, iwwer véierzéng Joer, wou ech am Kontakt mat de Schüler mat speziellen Bedierfnesser war, net nëmmen déi Schüler, mee och Proffen.
An elo zanter zweedausendanzwanzeg sinn ech President vun der CAR a probéieren ech esou vill wéi méiglech Ënnerstëtzung ze ginn un de Schüler, déi Schwieregkeeten an der Schoul hunn, an dofir Nachteilsausgleich ze fannen, fir e Wee sou gutt wéi méiglech ze maachen.

<u>Oli Frisch:</u>
*Du hues d'CAR grad ugeschwat. Déi Kommissioun huet jo méi wéi dausend Schüler an hirer Schoulkarriär begleet a schafft mat Personnes de référence an de Lycéeën zesummen. Wéi gesäis du hir Roll am Prozess vum Nachteilsausgleich?*

<u>Alioune Touré:</u>
Personne de référence, wéi gesot, ech denken, am Dispositif ass d'Personne de référence déi wichtegst Persoun no dem Schüler. Si begleet de Schüler de ganze Wee. D'Kommissioun ass zesummegesat aus Vertrieder vum Lycée oder dem Fondamental, de Schüler, den Elteren an de Proffen – d'Personne de référence, d'Personne-pivot. Si ass och wichteg am Moment, wou de Schüler op eng aner Schoul geet, fir d'Uni, e Studium oder e BTS-Studium – dat ass och eng Transitioun, déi immens wichteg ass.
Ech mengen, d'Kommissioun huet e Kontakt mat de Schüler, an ech denken, dat ass eng Wichtegkeet, well de Schüler weess genau, wat hie brauch. De Schüler kéint seng Situatioun vun sengem Point de vue beschreiwen. Hu mer den Dossier vum Schüler, hu mer d'Personne de référence, déi do sëtzt, a jiddereen kéint sech expriméieren. An ech fannen, dat ass eng Qualitéit vun de CAR.
Mir lauschteren, mir huelen Zäit – eng hallef Stonn – fir der Famill zouzehéieren, vun der Situatioun ze diskutéieren. **Mir kucken ëmmer dräi Saachen: wat de Schüler huet, wat hie wëll an wat hie brauch**. An mir ginn méi op de Wee vun deem, wat hie brauch, an heiansdo op deem, wat hie wëll.

D'Proffen hunn eng grouss Akzeptanz a probéieren ëmmer een Nachteilsausgleich ze fannen. Mee mir sinn ganz equilibréiert an eise Decisiounen. D'Personne de référence ass fir mech den wichtegen Acteur um Terrain mat de Schüler.

Si muss net onbedéngt Psycholog oder Educateur sinn, nach Proff sinn, mee wat wichteg ass, ass e Kontakt mat de Schüler opzebauen, fir Vertrauen ze kréien an fir déi néideg Aménagementer ze fannen.
Wat flott ass am neie Gesetz vun 2023, dat ass eng Revisioun, déi ëmmer méiglech ass fir d'Aménagementer. Anescht wéi an der Vergaangenheet, wou een deen selwechten Amenagementer vun Ufank un bis zum Schluss behale huet, kann d'Personne de référence elo regelméisseg Adaptatiounen maachen.

Oli Frisch:
*Kanns du kuerz erklären, wéi individuell Aménagementer Schüler an hirem Parcours ënnerstëtzen, respektiv wat en Enseignant konkreet maache kann, fir all Schüler, mat oder ouni Label als Élève à besoins spécifiques, am Léieren z'ënnerstëtzen?*

Alioune Touré:
D'Resilienz vu verschiddene Schüler markéiert mech immens. Si wëssen, wat si genau brauchen, an wann si dat kréien, dee richtegen Nachteilsausgleich ze halen, dann ass dat de Moment, wou si mierken: ech kann meng Schwieregkeeten kompenséieren, dann kann ech meng Leeschtung weisen.
Wat interessant ass fir eng Proff an enger Klass heescht „read the room". Einfach soen: wat brauch meng Audienz hei? Muss si ee Wee goen, wou si vill méi auditiv, visuell oder kinestesesch schaffe muss, oder eng Mëschung vun den dräi?
Dat heescht, Enseignement ass Konscht, eng schwéier Konscht am 21. Joerhonnert. Mee déi Méiglechkeet zur Interaktioun mat de Schüler ass nach méi wichteg elo, well mat den neien Technologien, mat den neie Medien kann ee sou vill méi Material kréien a vill méi Iddien sammelen – an ech fannen dat ganz interessant, och wann et vill méi Challengen fir d'Proffen mat sech bréngt.
**Den ideeale Parcours wär net verbonnen mat Resultater, mee dee wär verbonnen mat Freed. Wann ee Schüler Freed huet an d'Schoul ze goen, a Freed huet mat anere Schüler zesummen ze sinn, ech mengen, dat wär de beschte Resultat, dee mir kënnen erreechen.**
Vill Leit denken, datt ee kee Diplom kann erreechen. Ech denken, dat ass zweeterrangeg. Meng Parcours als Schüler war ganz, ganz schwéier, an ech hunn ee risege Wee gemaach. An de Liewen huet mer d'Chance ginn, fir nach eng Kéier e Studium ze maachen.
Den direkten Wee muss net onbedéngt duerchgoe sinn. Dat kann een och heiansdo um Wee maachen. 't ass eng Chance. 't ass net de Réussite scolaire onbedéngt, mee wann een d'Leit freet, ob si gär an d'Schoul gaange sinn. Dat heescht, datt e Schüler mat speziellen Bedierfnesser net direkt dee selwechte Wee geet, mee säi Wee fannen, dass jiddereen muss säin eegene Wee fannen.